# colonies de vacances **programme**

www.youngcaritas.lu

## Été 2025



youngcaritas
by Caritas Jeunes & Familles

# Vakanzekolonien mat youngcaritas

**Léiw Elteren, Léiw Participanten,**

All Joer bitt youngcaritas vu Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l. vill verschidde Kolonie vir Kanner a Jugendlecher un. Dës Kolonie ginn net nëmmen duerch en uspriechend Vakanzenzil onvergiesslech, mee och duerch fräiwëlleg Moniteuren déi dat ganzt leeden a gestallten.

**Eis Philosophie?**
Mir sinn der Meenung dass all Kand an all Jugendlechen d'Recht drop huet mat Gläichaltrege Spaass ze hunn, eng super Vakanz ze verbréngen an einfach d'Experienz vun enger Kolonie mat ze erliewen.

Vakanzekolonië vu youngcaritas riichten sech un all Kand a Jugendlechen tëscht 4 a 17 Joer, deen zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun wunnt.

youngcaritas bitt Wantersport-, Waassersport- a Kolonien an de Bierger oder beim Mier un. Fir Spaass a Spannung ass gesuergt. Mir entdecken zesumme flott Platzen hei zu Lëtzebuerg an a ganz Europa.

Bei youngcaritas kann een nei Leit kenne léieren, nei Frëndschafte schléissen an nei Experienzen erliewen. An dëser Broschüre sinn all eis Kolonien opgelëscht. Fir all weider Fro, sti mir gären zur Verfügung.

**Gutt ze wëssen?**
D'Moniteure leeden, organiséieren a gestallten d'Kolonien an hirer Fräizäit an investéieren déi Zäit vir de Kanner a Jugendlechen eng Vakanz ze erméiglechen. An der Reegel sinn dëst Studenten déi eng Formatioun fir den Animateur ofgeschloss hunn.

De Präis vun de Kolonie setzt sech zesummen aus: dem Transport, dem Logement, der Verfleegung an den verschiddenen Aktivitéiten.

**Präislech Reduktiounen:**
Bei youngcaritas kritt jiddereen d'Méiglechkeet fir mat an eng Kolonie ze goen, och déi Kanner oder Jugendlech aus sozioekonomesch méi schwaache FamilIen. Dofir ginn et folgend Méiglechkeeten:

1. Chèque Service Accueil: D'Chèque Service Accueil (minimum 34 St./Woch gratis) kënne bei Kanner ënner 13 Joer fir eng Reduktioun benotzt ginn.

2. Caritas Jeunes & Familles Reduktioun: Déi Familien déi manner Akommes hunn, kennen och eng Reduktioun op de Präis vun der Kolonie kréien. Bei weidere Froe kënnt dir eis gäre kontaktéieren.

All Dossier gëtt vertraulech behandelt!

youngcaritas

Dir wëllt keng Broschüre méi geschéckt kréien?
Dann mellt Iech of bei: colonies.youngcaritas@cjf.lu

# Les colonies de vacances avec youngcaritas

**Chers parents, Chers participants,**

Chaque année youngcaritas de l'a.s.b.l. Caritas Jeunes et Familles propose diverses colonies pour enfants et adolescents. Ces colonies ne sont pas uniquement inoubliables par leur destination, mais également par l'engagement bénévole des moniteurs.

**Notre philosophie ?**
Nous sommes d'avis que chaque enfant et chaque jeune ont le droit de vivre l'expérience d'une colonie de vacances, de s'amuser avec des personnes de son âge et de revenir avec des souvenirs plein la tête.

Les colonies de vacances de youngcaritas s'adressent à tout enfant et jeune âgé entre 4 et 17 ans habitant le Grand-Duché ou la Grande Région.

Nous proposons des colonies de sport d'hiver, de sport nautique ainsi que des colonies en montagne et au bord de mer. Nos colonies sont remplies d'excursions et de fascinantes découvertes culturelles.

Nous faisons découvrir ce petit pays qu'est le Luxembourg et qui cache des lieux bien sympas, mais aussi d'autres pays d'Europe.

youngcaritas offre la possibilité de faire de nouvelles connaissances, de nouveaux ami(e)s et un tas de nouvelles expériences ensemble. Ce dépliant contient les prochaines dates de nos colonies.
Pour toute question, nous nous tenons à disposition.

**Que faut-il savoir ?**
Les moniteurs dirigent, organisent et mettent sur pied les colonies pendant leur temps libre et mettent ce temps à disposition des enfants et des adolescents pour leur permettre de passer d'inoubliables vacances. Il s'agit de bénévoles ayant suivi les formations d'animateur.

Le prix d'une colonie comprend les frais suivants : le transport, le logement, les repas et les diverses activités.

**Réductions :**
Avec youngcaritas tout le monde peut partir en vacances. C'est pour cette raison que les parents d'enfants ou adolescents issus de familles à faible revenu ont la possibilité de solliciter une réduction partielle ou totale du prix de la colonie.

**Deux possibilités :**

1. Chèque Service Accueil: Les enfants de moins de 13 ans peuvent utiliser leur Chèque Service d'Accueil (min. 34h/semaine d'encadrement gratuit) pour demander une réduction de prix.

2. Réduction Caritas Jeunes & Familles : Les familles à faible revenu peuvent bénéficier de réductions. Pour plus d'informations, n'hésitez pas à nous contacter.

Tous les dossiers sont traités avec discrétion !


youngcaritas

Vous ne souhaitez plus recevoir nos brochures ?
Désinscrivez-vous par mail à l'adresse suivante : colonies.youngcaritas@cjf.lu

# Lët'z travel East



NEI! NOUVEAU!



**DESTINATION** Allemagne, République tchèque, Slovaquie, Hongrie, Autriche
**DATE** 25.07 > 06.08.2025 | **ÂGE** 14-17 | **PARTICIPANTS** 14 | **PRIX** 1180 €

Du hues tëscht 14 a 17 Joer a gees gär op Entdeckungsrees? Du wëlls onvergiesslech Momenter mat anere Jonken erliewen?

Dann pak däi Rucksak a bereet dech op eng onvergiesslech Rees mam Zuch vir. Erop op Berlin, wou mer de Spuere vun der däitscher Geschicht noginn. Duerno geet eis Rees weider an den Oste vu Prag op Bratislava, laanscht d'Donau Richtung Budapest. Eise Wee zeréck féiert eis duerch Bierglandschafte vu Graz op München. Als Souvenir bréngs du en Album voller Erënnerungen an de Rucksak voll mat Erfarungen zeréck.

Schreif dech an, a léier deng Kolleege schonn am Virfeld kennen.

Tu as entre 14 et 17 ans et tu aimes l'aventure ? Tu souhaites vivre des moments inoubliables avec d'autres jeunes ?

Alors, n'hésite pas et embarque pour un voyage exceptionnel en train ! Nous explorerons les traces fascinantes de l'histoire allemande à Berlin. Nous mettrons ensuite le cap vers l'Est en traversant Prague, Bratislava et les magnifiques rives du Danube jusqu'à Budapest. Sur le chemin du retour, nous traverserons les paysages montagneux de Graz avant d'arriver à Munich. En guise de souvenirs, tu repartiras avec un album rempli de moments précieux et un sac à dos rempli d'expériences uniques.

Inscris-toi dès maintenant pour faire connaissance avec tes futurs camarades !

# Lët'z have fun



**DESTINATION** Remerschen (L) | **DATE** 28.07 > 02.08.2025
**ÂGE** 10-14 | **PARTICIPANTS** 20 | **PRIX** 455 €

Bass du bereet deng Grenzen ze iwwerschreiden an dech selwer erauszefuerderen? Du hues Loscht, nei Plazen zu Lëtzebuerg ze entdecken?

Da looss dech ob dës spannend Rees an. Bei eis gëtt definitiv fir Fun an Action gesuergt. Langweil kënnt bei eis net a Fro, mir sinn ëmmer prett fir eng nei Challenge.

Komm mat an iwwerzeeg dech selwer!

Es-tu prêt à repousser tes limites et à relever de nouveaux défis ? Tu as envie de découvrir de nouveaux lieux au Luxembourg ?

Alors participe à ce voyage riche en suspense ! Tu auras droit à ton lot d'action et de plaisir. Chez nous, pas question de s'ennuyer, nous sommes toujours prêts à relever de nouveaux défis.

Viens te rendre compte par toi-même !

# Harry Potter 1



**DESTINATION** Marienthal (L) | **DATE** 11.08 > 16.08.2025
**ÂGE** 9-12 | **PARTICIPANTS** 20 | **PRIX** 380 €

Eng magesch Aventure fir Jonk an Al!

Wëllkomm an der Welt vum Harry Potter! Eis Kolonie entféiert iech an déi zauberhaft Welt vun Hogwarts, wou spannend Aventuren, magesch Erausfuerderungen an onvergiesslech Erliefnisser op iech waarden. Jee no Alter an Erfarung ginn di jonk Hexen an Zauberer an zwou Gruppen opgedeelt.

D' Éischtklässler stoussen zur Mëttesstonn dobäi an erliewen hier éischt Schrëtt an der Welt vun der Magie. Hei léieren déi jonk Hexen an Zauberer spilleresch d'Grondlagen, meeschtere kleng Aventuren an entdecken di magesch Welt op hier eegen Aart a Weis kennen. Ënnert der Leedung vu Vertrauensschüler a Betréier wuessen si an d'Roll vun zukünftegen Zauberer ran.

Taucht an, an dës magesch Kolonie, an der Kanner a Jugendlecher zesumme léieren, wuessen an eng fantastesch Zäit matenee verbréngen. Egal op  Éischtklässler oder Vertrauensschüler – jidderee gëtt Deel vun dëser zauberhaften Aventure!

Une aventure magique pour petits et grands !

Bienvenue dans l'univers de Harry Potter ! Notre colonie vous transporte dans l'univers enchanté de Poudlard, où vous attendent des aventures passionnantes, des défis magiques et des moments inoubliables. Selon leur âge et leur expérience, les jeunes sorciers participent à l'un des deux groupes.

Les apprentis rejoignent l'aventure à midi pour faire leurs premiers pas dans le monde magique. Les jeunes sorciers découvrent les bases de la magie à travers des activités ludiques, relèvent de petits défis et explorent le monde ensorcelé à leur rythme. Sous la supervision des préfets et des encadrants, ils grandissent pour devenir les préfets de demain.

Rejoignez-nous dans cette colonie magique où enfants et adolescents apprennent, s'épanouissent et vivent des moments fantastiques. Que vous soyez préfet ou apprenti, vous avez votre place dans cette aventure extraordinaire !

# Harry Potter 2




**DESTINATION** Marienthal (L) | **DATE** 11.08 > 16.08.2025
**ÂGE** 13-15 | **PARTICIPANTS** 10 | **PRIX** 380 €

Eng magesch Aventure fir Jonk an Al!

Wëllkomm an der Welt vum Harry Potter! Eis Kolonie entféiert iech an déi zauberhaft Welt vun Hogwarts, wou spannend Aventuren, magesch Erausfuerderungen an onvergiesslech Erliefnisser op iech waarden. Jee no Alter an Erfarung ginn di jonk Hexen an Zauberer an zwou Gruppen opgedeelt.

D'Vertrauensschüler starten hire mageschen Dag schonn am Moien. Als eelsten an erfuerensten Zauberschüler iwwerhuelen si wichteg Aufgaben, hëllefe bei der Organisatioun an tauchen déif an d'Geheimnisser vun der Zauberkonscht an. Si verbessere net nëmmen hier Fäegkeet am Zauberen, mee si stäerken och hier Féierungsqualitéiten – ganz wéi d'Vertrauensschüler vun Hogwarts.

Taucht an, an dës magesch Kolonie, an der Kanner a Jugendlecher zesumme léieren, wuessen an eng fantastesch Zäit matenee verbréngen. Egal op  Éischtklässler oder Vertrauensschüler – jidderee gëtt Deel vun dëser zauberhaften Aventure!

Une aventure magique pour petits et grands !

Bienvenue dans l'univers de Harry Potter ! Notre colonie vous transporte dans l'univers enchanté de Poudlard, où vous attendent des aventures passionnantes, des défis magiques et des moments inoubliables. Selon leur âge et leur expérience, les jeunes sorciers participent à l'un des deux groupes.

Les préfets commencent leur journée magique dès le matin. En tant que sorciers plus âgés et expérimentés, ils endossent des responsabilités importantes, participent à l'organisation et explorent plus en profondeur les mystères de la magie. Ils développeront non seulement leurs talents de sorcier, mais aussi leurs compétences en leadership, à l'image des préfets de Poudlard.

Rejoignez-nous dans cette colonie magique où enfants et adolescents apprennent, s'épanouissent et vivent des moments fantastiques. Que vous soyez préfet ou apprenti, vous avez votre place dans cette aventure extraordinaire !

# Avatar




**DESTINATION** Marienthal (L) | **DATE** 18.08 > 22.08.2025
**ÂGE** 6-10 | **PARTICIPANTS** 30 | **PRIX** 350 €

Bass du prett fir en onvergiesslecht Abenteuer? An dëser Kolonie tauche mir an, an eng magesch Welt, wou déi véier Elementer - Waasser, Buedem, Feier a Loft - am Mëttelpunkt stinn. All Kand gëtt Deel vun enger vun de véier grousse Gemeinschaften, déi sech de Geheimnisser vun hirem Element widmen.

Awer an der Mëtt vun all den Aufgaben an Aventure feelt eppes Wichteges: den Avatar, deen eenzege, dee fäeg ass, all véier Elementer ze meeschteren. Zesumme maacht dir iech op eng spannend Sich, léist Rätselen, iwwerwannt Hürden a meeschtert Erausfuerderungen, fir den Avatar ze fannen an d'Balance tëscht den Elementer erëm hierzestellen.

Wäerten déi véier Gemeinschaften hir Kräfte vereenen an den Avatar fannen? Macht iech prett fir eng Erfarung voller Teamgeescht, Spaass a magesch Momenter!

Es-tu prêt pour une aventure inoubliable ? Dans cette colonie, vous plongez dans un monde magique où les quatre éléments (eau, terre, feu et air) occupent une place centrale. Tous les enfants font partie des quatre grandes communautés qui se consacrent aux mystères de leur élément.

Mais au milieu de toutes les tâches, il manque une petite chose : l'avatar, la seule personne capable de maîtriser les quatre éléments. Au total, tu te lanceras dans une aventure passionnante, résoudras des énigmes, surmonteras des obstacles et relèveras de nombreux défis.

Les quatre communautés parviendront-elles à unir leurs forces et à retrouver l'avatar ? Faites confiance à cette expérience d'équipe pleine d'esprit, amusez-vous et passez de bons moments !

# Aqua Camp



**DESTINATION** Surendorf (D) | **DATE** 29.08 > 07.09.2025
**ÂGE** 9-13 | **PARTICIPANTS** 25 | **PRIX** 890 €

Du bass eng Waasserrat a wollts schonn ëmmer eng Kéier Surfen a Seegelen, an dat zesumme mat anere Kanner?

Da komm mat an den Aqua Camp un déi däitsch Ostsee. Hei erwaarden dech nieft dem Waassersport och nach e villfältege Programm wéi Klammen an aner Aktivitéiten.

Mir freeën eis op dech.

Tu adores l'eau et tu as toujours voulu faire du surf et de la voile avec d'autres enfants ?

Alors rejoins-nous pour l'Aqua Camp ! Outre les sports nautiques, nous te proposons un programme diversifié comprenant de l'escalade, mais aussi nombreuses autres activités.

Nous nous réjouissons d'avance de ta participation.

# Résumé

| COLONIE | DESTINATION | DATE | ÂGE | PARTICIPANTS | PRIX |
|---|---|---|---|---|---|
| **Lët'z travel East** | All., Rép. Tch., Slo., Hon., Aut. | 25.07 > 06.08.2025 | 14-17 | 14 | 1180€ |
| **Lët'z have fun** | Remerschen (L) | 28.07 > 02.08.2025 | 10-14 | 20 | 455€ |
| **Harry Potter 1** | Marienthal (L) | 11.08 > 16.08.2025 | 9-12 | 20 | 380€ |
| **Harry Potter 2** | Marienthal (L) | 11.08 > 16.08.2025 | 13-15 | 10 | 380€ |
| **Avatar** | Marienthal (L) | 18.08 > 22.08.2025 | 6-10 | 30 | 350€ |
| **Aqua Camp** | Surendorf (D) | 29.08 > 07.09.2025 | 9-13 | 25 | 890€ |

## youngcaritas ass och…

# Formatiounen
# Solidactive
# Spillmobil
# Däi Projet

Dir wëllt méi iwwer déi verschidde
Beräicher gewuer ginn?
Besicht eisen Internetsite:
www.youngcaritas.lu
oder schreift eis eng E-Mail:
info.youngcaritas@cjf.lu

Vous voulez en savoir plus
sur nos différents domaines ?
Visitez notre site web :
www.youngcaritas.lu
ou envoyez-nous un email :
info.youngcaritas@cjf.lu

# Contact & Inscriptions

www.youngcaritas.lu
colonies.youngcaritas@cjf.lu
f youngcaritas.lu
youngcaritas.lu
Tél.: 36 74 68 - 1

**Notre bureau**
11-13, rue Geespelt
L-3378 Livange

caritas
Jeunes & Familles

youngcaritas
by Caritas Jeunes & Familles

BCEE LU95 0019 1000 2692 7000
Agrément ministériel:
CAMF ACCANIM AI 202410/1